



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

gehollef kréien an dat net packen. An et fält erëm eng Kéier op d'Steierzueler zrëck.

Mä dat, wat virun allem och beonrouegt, dat sinn d'„Shadow-Banken“. Dat heescht, an de Stresstester sinn eigentlech just d'Banke gekuckt ginn. An dat, wat se ausgelagert hunn a sougenannten „Schattenbanken“, ass iwwerhaupt net considéiert. A wann d'Informatioun korrekt sinn, esou wéi ech et zumindest verstanen hunn, ass d'Ausmooss vun deem, wat zu Lëtzebuerg ausserhalb vun den offizielle Bilanen an „Schattenbanken“ drälit, relativ héich.

An et wier, mengen ech, interessant, fir eng Kéier emol eng seriö Debatt doriwwer ze féieren, iwwert d'Geforen, déi op der Finanzplaz Lëtzebuerg leien, wat ee kommende Crash ugeet, dee sech aus der Spekulationskris ergëtt, wéi eng Konsequenzen datt dat hätt, ënner anerem och ganz spezifesch zu Lëtzebuerg. An ech géif mech freeën, wa mer eng Kéier esou eng Debatt hei géife féieren.

Dat gesot, stëmme mir fir déi zwar duerchlächert Stoppung vun engem Schlupf-, vun engem Steuerlach. Mä mir wäerte sécher nach méi dacks mussen op déi Problematik do zrëckkommen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir dës Debatt, déi effektiv vläicht net déi Begeescherung kritt, déi ee sech hätt kënnen erwaarden no esou enger laanger Attente, kann ee bal soen. Lëtzebuerg huet sech an där Saach laang geschloen.

Et ass vu Feira geschwat ginn, Mëtt der 90er Joren. Mä en fait ass déi ganz Debatt schonn Enn vun den 80er Joren ugaangen, wéi eng Retenue à la source, deen eng Ausnahm war par rapport zum Échange automatique vun den Informatiounen, deen 2003 agefouert ginn ass. Dräi Länner haten dat: d'Belsch, Eisträich a Lëtzebuerg. An en fait ass dee System e ganz gudd gewiescht. Mä et ass awer net dee System, deen d'Iwwerhand behalen huet. En hat eng ganz Rëtsch Virdeeler. E war automatesch an en huet eis och Revenuen abruecht, well mer déi jo erakollektéiert hunn, an et ass och richtegerweis ënnerstrach ginn, dass mer déi Revenue jo da vum nächste Joer u wäerte verléieren.

Mir haten also - mir hunn och nach, bis dass dat hei Gesetz gestëmmt ass a bis Enn Dezember - e System hei zu Lëtzebuerg vun der Retenue à la source, deen eng Ausnahm war par rapport zum Échange automatique vun den Informatiounen, deen 2003 agefouert ginn ass. Dräi Länner haten dat: d'Belsch, Eisträich a Lëtzebuerg. An en fait ass dee System e ganz gudd gewiescht. Mä et ass awer net dee System, deen d'Iwwerhand behalen huet. En hat eng ganz Rëtsch Virdeeler. E war automatesch an en huet eis och Revenuen abruecht, well mer déi jo erakollektéiert hunn, an et ass och richtegerweis ënnerstrach ginn, dass mer déi Revenue jo da vum nächste Joer u wäerte verléieren.

D'Evolutioun ass séier gaangen, an ech géif gär der Madame Joëlle Elvinger Merci soe fir hire Rapport, si huet dat richtig ënnerstrach, dass d'Zäite sech geännert hunn. An zwar ass dat scho vun der viregter Regierung erkannt ginn. Ech wëll hei rappeléieren, dass de viregte Premierminister Jean-Claude Juncker op dëser Tribün am Abrëll am État de la Nation vum leschte Joer jo déi Annonce gemaach hat, dass déi viregt Regierung géif a Richtung vum Échange automatique goen.

An ech wëll hei ënnersträichen, dass déi heite Regierung an der Continuitéit hei gehandelt huet. Ech géif soen: an der Continuitéit, mä awer och an der Accélération! An déi Accélé-

ration, mengen ech, ass op zwou Saachen zrëckzeféieren: éischstens, mengen ech, eng Prise de conscience vun der neier Regierung, dass een do muss méi séier maachen, an zweetens, well d'Evenementer sech awer iwwerschoen hunn!

Wien hätt da geduecht, dass am Laf vun deem Joer d'OCDE an de G20 sech géifen op eng nei Norme mondiale eens ginn, en neie Standard fir den Échange d'informations, deen am Laf vun deem Joer jo dann eng Weltnorm gëtt? An domat fält eng vun den Haaptkriticken, déi Lëtzebuerg ëmmer gemaach huet zum System vum Échange d'informations. An déi Haaptkritik war: Och wa mir dat op europäeschem Niveau maachen, da si mir benodeelegt par rapport zum Rescht vun der Welt. A mir sinn eng Finanzplaz, déi net nëmmen an Europa schafft, mä an der ganzer Welt. Wann also Europa Pionéieraarbecht mécht, da kann dat au détriment vun der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz sinn. An dat wollte mer net.

Haut ass d'Saach anescht. Wéi schonn haut erwähnt ginn ass, hu mer zu Berlin och als Lëtzebuerg ënnerschiwwen, fir op den 1. Januar 2017 en Échange automatique d'informations ze maachen, dee méi wäit geet wéi dat, wat déi heiten Direktiv virgesäit, soudass déi heiten Direktiv en fait eng Zwëschenetapp ass.

An et ass awer gutt, dass mer dat da maachen an ech insistéieren drop, dass dat dann an der Continuitéit gemaach gëtt an am Intérêt vun der Finanzplaz, esou dass och dann d'Banken an d'Acteure vun der Finanzplaz Zäit haten, fir sech dorop anzustellen. Sait dem leschten Abrëll - vun 2013 - sinn also 18 Méint vergaangen, bis elo déi Introductioun hei vum Échange automatique kënnt. A mir wëssen, dass d'Banken sech och ajustéiert hunn!

Et si mer Froe gestallt ginn: Wéi gesäit et aus op der Finanzplaz? Ech kann et esou résuméieren: D'Zuel vun den Aarbechtsplazen ass relativ stabil bliwwen op deene leschte Méint a souguer Joren. Mir hunn ongeféier 44.000 Aarbechtsplazen, déi Leit, déi hei op der Finanzplaz tätég sinn. Wéi gesot: Tendenz stabil, licht no uewen.

Wéi ass et mat den Dépôts? D'Dépôt sinn och relativ stabil op deene leschte Jore bliwwen. Dat ass u sech an dëse schwierigen Zäiten eng gutt Noricht. Mä wann een e bëssen ënnert der Surface kraazt, mierkt een, dass effektiv d'Composanteën, also d'Clients, déi sech ënnert dem Total verstoppen, anerer sinn. Mir hu vill kleng Clients, déi fort ginn, a mir hu manner Clients, déi kommen, mä dat si vill méi räicher. A mir hunn ëmmer méi Clients, déi ausserhalb vun Europa kommen, par rapport zu enger Tendenz, déi typesch war fir Lëtzebuerg, dat eng ganz europäesch orientéiert Plaz war. Wat och explizéiert, dass mer an eisen Efforte vun der Diversifikatioun och mussen an de Mëttleren Orient, an Asien an a Südamerika goen, well do an deene Länner e grouse Potenzial ass an och do vill Rächtum erwirtschaft gëtt, deen natierlech nei Place-menter sicht.

Fir och nach op e puer aner Froen ze äntweren: Mir hunn e Renforcement virgesi vun der Administration des Contributions vun 20 Leit fir d'nächst Joer. Dat ass eng Nouveautéit, well déi Administratioun brauch Leit, ass laang net verstärkt ginn. An een Deel vun deene Leit wäert natierlech och op den Échange automatique mobiliséiert ginn.

Mir wäerten och d'Lutte contre la fraude fiscale intensivéieren. Dat hu mer och annoncéiert. Dat ass och an deem Renforcement vun der Administratioun mat virgesinn. A wat mer eis dovunner erwaarden, ass och am Zukunftspak chifféiert.

Leschte Punkt, deen, mengen ech, och all Mënsch interesséiert, ass folgenden: dee vum Secret bancaire an d'Applikatioun vum Secret bancaire hei fir d'Résidenten. Et ass also net nëmme fir d'Lëtzebuerger, mä fir d'Résidente bleift de Secret bancaire bestoen. An ech mengen, domat hätt ech d'Froen all beäntwert an ech freeë mech, dass...

(Interruption)

Wat gelift?

► **M. Gilles Roth** (CSV).- D'Quellesteier, loosst Der déi bei 10% iwwert déi nächst véier Joer?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, déi loosse mer och bei 10% bestoen. Dann halen ech hei mat enger ganz gudder Noricht op an da soen ech all deenen, déi de Projet de loi ënnerstëtzen: Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Finanzminister. A wéi virdrun ugekënnegt, wäerte mer muer um Ufank vun der Sëtzung iwwert deen heite Projet ofstëmmen.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eise heitegen Ordre du jour, dat ass de Projet 6706, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Vermögenssteuer. D'Riedezäit ass nom Basismodell fixéiert an elo direkt huet d'Wuert d'Joëlle Elvinger als Rapportrice.

15. 6706 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi modifiée du 22 décembre 1951 portant prorogation du délai de prescription de certains impôts directs et précision des conditions dans lesquelles les prescriptions fiscales peuvent être interrompues

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz kuerz schwätzen, ass de 17. Juli 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers hunn de proposéierte Gesetzestext den 13. Oktober analyséiert. An der Réunion vun der Finanz- a Budgetkommission vum 21. Oktober sinn ech zum Rapporteur vun deem Gesetzesprojet genannt ginn an de Statsrot huet op dësen Dag och säin Avis formuléiert. Den 3. November huet d'Kommission dësen Avis duerchgekuckt an de schréffleche Rapport ugehall.

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer hei diskutéieren, gesäit eng technesch Adaptatioun vir, dat am Steuerberäich. Méi genau geet et drëm, dass d'Vermögenssteuer fir Gesellschaften all Joer, an net wéi bis elo all dräi Joer, festgeluecht gëtt. Ech wëll och drun erënnere, dass Privatpersounen scho seit 2006 keng Vermögenssteuer méi bezuelen. Dëse Gesetzesprojet vun haut den Owend betrëfft dës Leit also net.

Dës Adaptatioun um modifizéierte Gesetz iwwert den Impôt sur la fortune vum 16. Oktober 1934 ass aus zweeërlee Grënn wënschenswäert. Éischstens, wann ab dem nächste Joer d'Deklaratioun vun dëse Steieren op déi elektronesch Aart a Weis oflaffe wäert, ass et aus informatesche Grënn méi einfach, d'Festleeë vun der Imposition op all Joer ze fixéieren.

Zweetens ass den aktuelle System éischer komplizéiert fir d'Administratiounen. D'Gesetz vun 1934 gesäit vir, dass den Impôt sur la fortune par assiette générale all dräi Joer festgeluecht gëtt. Solt d'Betriebsverméige sech awer an dësen dräi Joer iwwer eng bestëmmte Limite, dat heescht 20%, vergréisseren oder verklengere, da muss d'Base vun der Steuer trotzdeem nei festgeluecht ginn. Um Terrain bedeit dëst, dass d'Verwaltungen awer all Joer préiwe mussen, ob esou eng Neiberechnung néideg ass oder net.

Well d'Ophiewe vun der Vermögenssteuer awer och mam modifizéierte Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Verméige vum 16. Oktober 1934 zesummenhängt, ginn och hei e puer Adapta-

tiounen fälleg, dëst fir d'Kohärenz tëschent deenen zwee Gesetzer ze erhalen. Och gëtt den néidegen Iwwergangsmesurë Rechnung gedroen.

E puer kleng technesch Ännerungen un zwee anere weidere Gesetzer sinn ebenfalls virgesinn.

Här President, och wann dëse Gesetzesprojet méi eng limitéiert politesch Envergure huet wéi déi aner Projeten, déi mer de Mëtteg diskutéiert hunn, weist e ganz gutt, dass et och heiansdo néideg ass, technesch Upassungen u Gesetzer ze ënnerhuelen. Dëst ass besonnesch de Fall, wann et ëm d'Simplification administrative geet. Iwwert dëse Wee gëtt eise Stat méi effizient, soudass d'Administratiounen hir Aarbecht gutt a schnell erleedege kënnen.

Ech wëll och hei dem Finanzminister a senge Mataarbechter souwéi och dem Direkter vun der Steierverwaltung Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun. An ech ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madame Elvinger. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen nach eng Kéier der Madame Elvinger Merci fir hire schréfflechen a mëndleche Bericht. Et geet hei, wéi gesot, ëm eng technesch Adaptatioun vun der Bewäertung vun der Bemessungsgrundlage vun der Vermögenssteuer. Et ass u sech eng administrativ Vereinfachung, an där stëmmt d'CSV selbstverständlech zou.

Just eng grondsätzlech Bemierkung: Et ass richtig, d'Vermögenssteuer gëtt zënter dem 1. Januar 2006 nach just vun de Betriber bezuelt. An dat sinn awer, dat soll een och emol eng Kéier kloer an däitlech soen, ronn 285 Milliounen Euro pro Joer! An an deene pauschale Géintüwerstellungen, déi gemaach ginn ëmmer tëschent deem, wat d'Privatpersounen bezuelen an d'Betriber, do gëtt dat oft vergiess, well do gëtt ëmmer nëmme just d'Kierperschaftssteuer geholl. Or, zu der Kierperschaftssteuer gëtt och nach zousätzlech, Här Turpel, d'Gewerbesteuer bezuelt, et gëtt Kapital-, Ertragssteuer bezuelt. Dat ass och nach, well d'Dividenden ginn haaptsächlech vun den Entrepreneuren bezuelt. An et kënnt, wéi gesot, och nach déi heite Vermögenssteuer derbäi.

D'Vermögenssteuer fir Privatpersounen, déi gouf 2005 mat engem Gesetz ofgeschafft. An der Konterpartie ass eben d'Quellesteuer agefouert ginn op den Zënsertrëg. An d'Ursaachen waren der eigentlech zwou: Well mat dem Bankgeheimnis war et, éischstens, ganz schwéier, fir déi Vermögenssteuer richtig ze ermëttelen. Wat d'Leit deklaréiert hunn, dat hu se deklaréiert. Wat se net deklaréiert hunn, war heiansdo schwéier novollzéibar.

An zweetens - an dat dierf een awer net vergiessen -, et ass och e rechtlecht Argument, wat do spillt, well d'Vermögenssteuer, déi ass duerch déi däitsch Besatzung agefouert ginn. An dat geet also nach, d'Bewäertungen, op 1941 zrëck, op eng däischer Zäit an der Geschicht vun eise Land. An d'Bewäertungen, déi 1941 gemaach goufen, déi sinn haut net méi richtig, well en Haus um Belair oder um Lampertsbiereg anno 1941, mengen ech, dat hat e ganz anere Wäert wéi haut.

De Rapport tëschent enger Propriétéit, ech kucken elo zu Bascharage, Bartreng, Mamer, par rapport zu där, wéi et an der Stad war, dee Rapport 1941, dat war e ganz anere wéi en haut ass. An duerfir kann een och, menger Ansicht no, net einfach higoen, wann een d'Vermögenssteuer eng Kéier wëllt upassen, dass een einfach seet: „Ma mir setzen e Multiplikator an“, well da vergréissert een eigentlech déi Diskrepanz, déi besteet tëschent deenen eenzelne Grondwäerter.

An deem Kontext, Här Finanzminister, wollt ech lech froen: An dem Wahlprogramm vun de Sozialisten - ech hunn e leider net méi a mengen Ennerlage gehat, mä et war esou...

(Brouhaha)

Jo, well et ass ugaangen...

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Liest de Regierungsprogramm!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „Die LSAP wird dafür Sorge tragen“, wéi dat bei eis an de kathoulesche Kreesser heescht, „Sorge tragen“, dass d'Vermögenssteuer op Privatpersounen,



dass déi am Kontext vun enger grondleeënder Steuerreform erëm géif agefouert ginn.

Ech wollt kloer soen am Numm vun der CSV-Fraktioun, dass mir net wëllen, dass d'Vermögenssteuer op Privatpersounen erëm agefouert gëtt! An ech wollt eigentlech...

► **Une voix.**- Dat ass fir den Här Gramegna...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'Sozialisten och net! Si wollte just de Wieler uschmieren.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech wollt eigentlech, Här Gibéryen, den Här Gramegna froen...

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...elo ganz seriö an dësem...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...den Här Gramegna froen als Finanzminister, ob e ka formell ausschléissen, dass...

(Brouhaha)

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Déjà vu!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ... d'Vermögenssteuer op Privatpersounen erëm agefouert gëtt.

Madame Loschetter, ech soen lech awer och...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Jo.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...well et ass villes... D'Regierung ass zwar ugetruede mat: „d'Regierung vun der Transparenz“, „mir soen de Leit, wat op si zoukënn“,...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Liest de Regierungsprogramm!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- ...mä et ass eng TVA-Erhéijung agefouert, y compris um Bau, et ass eng 0,5%-Kontributioun - wat awer eng Steuer ass - agefouert ginn, wat all Mënsch muss bezuele fir - ech weess net - Kannerbetreuung, fir wien och ëmmer, ech weess et net! An duerfir wier et awer gutt, Här Finanzminister, wann Der elo ëm 20.24 Auer géift d'Geleeënheet ergräifen, fir dann och dem ganze Land ze zielen, ob Der ausschléisst, dass an Ärer Amtszäit bis 2018 eng Vermögenssteuer op Privatpersoune wäert agefouert ginn. An dat sollt Der am Numm vun lech selwer, mä och am Numm vun där ganzer Regierung soen.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Wéi süß. Dir sidd esou süß.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Ech géif vläicht gären ufänken, just fir dem Här Roth awer eppes ze soen, souwuel wat seng viregt Tentative ugeet, fir den Här Gramegna festzeneele mat der RELIBI, dass dat am Stee gemeesselt ass, wéi och mat der Vermögenssteuer: Ech mengen, en huet scho probéiert, dat par question écrite ze maachen. Ech mengen, e krut deemools als Äntwert, dass dës Koalitioun eng Steuerreform wëlles huet ze maachen, déi ambitiéis ass, an dass déi Saachen am Kader vun där Steuerreform diskutéiert ginn. Ech mengen elo net, dass elo d'Zäit ass...

(Interruption et hilarité)

...dass elo d'Zäit ass - an ech mengen, dat ass dat, wat lech geäntwert ginn ass an der Äntwert op Är Fro, op Är Question écrite -, an ech mengen, et ass elo net am Kontext vun dësem Projet de loi d'Plaz oder d'Zäit, fir elo d'Regierung hei op esou Froe festzeneelen.

► **Plusieurs voix.**- Ouh?

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Also, wa mer lech elo héieren hunn, wäre mer nach méi frou, wa mer eng Explikatioun géife kréien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Ech géif...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, et huet just een d'Wuert hei am Sall, an dat ass den Här Fayot!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech kann nach eng Fro stellen...

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Ech géif gären zrëckkommen op de Projet de loi. Ech géif gären der Madame Elvinger villmools Merci soe fir hiren exzellente Rapport zu dësem Projet de loi. An ech géif gären den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun och zu dësem Projet de loi.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Voilà, just nach eng Kéier, fir der Madame Elvinger nach eemol Merci ze soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport an, kurz und bündig, och den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hu keng aner... Ah, den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här Président. Och ech wëll mech de Mercien uschlëssen un d'Rapportrice, déi, ech mengen, e gudde Match haut hei gemaach huet als Rapporteuse a verschiddene Projeten. An ech wëll och den Accord vun eisem Grupp zu dësem Projet bréngen.

Ech mengen, datt de Kolleeg Gilles Roth hei un d'Regierung eng Fro stellt, dat ass eppes ganz Legales an engem Parlament.

(Interruption)

An ech wëll och dem Kolleeg Fayot duerfir soen, datt virdu och schonn un de Finanzminister eng Fro gestallt ginn ass, wat d'Quellelesteier ubelaangt. An en huet do eng ganz kloer Ausso gemaach, andeem en am Fong gesot huet, an dëser Legislaturperiod géif näischt dorunner änneren, wat d'Residenten ubelaangt; dat, obschonns eng grouss Steuerreform vun dëser Regierung ugekënnegt ginn ass.

Wann den Här Fayot also elo hei seet, et sollt een d'Regierung an der Fro do vun der Vermögenssteuer net festleeën, da verst mer dat, Här Fayot, well, wann ech an d'Wahle gaange wier an ech hätt dat esou grouss an engem Wahlprogramm...

(Hilarité)

...geschriwwen, wéi d'Sozialisten dat geschriwwen gehat hunn,...

► **Une voix.**- Gell!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...dann hätt ech och net gären, wann ech hei vum Finanzminister géif bloussgestallt ginn, wann deen elo haut géif äntweren: „Mir maachen dat net, wat am LSAP-Wahlprogramm stoung.“ Dofir verstinn ech Är Reaktioun, mä trotzdem kann et awer vläicht sinn, datt de Finanzminister op déi Fro äntwert.

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech mengen, ech hu keng weider Wuertmeldunge méi. Dann huet den Här Finanzminister dat lescht Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, wann Der erlaabt, maachen ech dat vun hei, well et eng kuerz Debatt war, nëmmen, fir ze soen, dass et effektiv op eng gewëssen Aart a Weis eng technesch Adaptatioun ass. Dat ass ganz richtig, dass elo den Impôt sur la fortune vun den Entreprises all Joers gekuckt gëtt, dass d'Assiette nei berechent gëtt. Dat gëtt do-derch méi einfach, dass mer elo eng Déclaration électronique vum nächste Joer u kréien, wat jo och eng gutt Noricht ass. Dat beweist, dass mer eis moderniséieren, an dat brauche mer och.

Dat Zweet, wat ass: Et ginn e puer Change-menter um Gesetz vun 1934 gemaach, wat en fait relativ komplex Calculle vun der Administratioun gefuerdert huet, an dat vereinfache mer. Et ass also eng Simplification administrative, déi hei stattfënnt. An dofir sinn ech frou, dass och alleguerten d'Parteien dat heiten ënnerstëtzen.

Wat elo d'Fro ubelaangt, wat an d'Steuerreform vun 2017 kënnit oder net kënnit: Ech ginn lech do haut keng definitiv Äntwert. Et gëtt eng ambitiéis Steuerreform gemaach. Do ginn alleguerten d'Aspekter gekuckt.

A fir elo awer och ganz kloer ze soen: Ech hu virdu relativ kloer geäntwert op d'Quellelesteier. Et ass effektiv net d'Intentioun, dat ze änneren, an ech hu gesot, dass et bei 10% bleift. Dat ass eben d'Realitéit haut.

Mä déi Réforme fiscale, déi wäert ganz vill Aspekter hunn, souwuel fir d'Entreprisé wéi fir d'Personnes physiques. Mir huelen dat ganz seriö als Exercice. Dir stellt mer oft Froen driwwer. An ech huelen déi Froe ganz seriö. A well ech déi Reform - an net nëmmen ech, mä déi ganz Regierung - ganz seriö huelen, wëlle mer iwwerhaupt näischt ausschléisse vu vireran. Mir wëllen alles kucken. A mir wäerten, le moment venu, wa mer emol an der Regierung, nodeems mer de Budget vun 2015 adoptéiert hunn an dann och e Wee hu fir eis Finanzen, wou mer wëssen, wou mer 2018 landen, wa mer dann d'Parametere hunn, da kann een

Sommaire des séances publiques n^{os} 3 et 4

3^e séance

Ouverture de la séance publique p. 26

6669 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (Construction d'une nouvelle ligne ferroviaire entre Luxembourg et Bettembourg - Phase I) p. 26-31

Question urgente n°627 de Mme Diane Aehm et de M. Gilles Roth relative aux projets de loi ayant trait au budget des recettes et dépenses pour l'année 2015 p. 31-32

6527 - Projet de loi

1. ayant pour objet l'organisation des centres de recherche publics;
2. modifiant la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
3. abrogeant la loi modifiée du 9 mars 1987 ayant pour objet 1. l'organisation de la recherche et du développement technologique dans le secteur public; 2. le transfert de technologie et la coopération scientifique et technique entre les entreprises et le secteur public;
4. abrogeant la loi du 10 novembre 1989 portant création d'un Centre d'Études de Populations, de Pauvreté et de Politiques Socio-Économiques auprès du Ministre d'État p. 32-36

6679 - Projet de loi portant financement du Max Planck Institute Luxembourg for International, European and Regulatory Procedural Law p. 37-38

6663 - Projet de loi modifiant

- 1) la loi modifiée du 19 décembre 2008
- a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs
- b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets;
- 2) la loi du 21 mars 2012 relative aux déchets p. 38-39

4^e séance

Ouverture de la séance publique p. 40

Discours de M. le Président p. 40

Vérification des pouvoirs et assermentation d'un nouveau membre de la Chambre des Députés p. 40-41

Changements de composition de commissions parlementaires p. 41

Octroi d'un titre honorifique à un ancien député p. 41

Communications p. 41-42

Dépôt d'une proposition de loi par M. Alex Bodry p. 42

Ordre du jour p. 42-43

Débat de consultation sur le suicide et sa prévention p. 43-50

6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution p. 50

Changements de composition de commissions parlementaires (suite) p. 50

6680 - Projet de loi prévoyant la procédure applicable à l'échange de renseignements sur demande en matière fiscale et modifiant la loi du 31 mars 2010 portant approbation des conventions fiscales et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande p. 50-57

Ordre du jour (suite) p. 57

6668 - Projet de loi portant modification

- 1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts;
- 2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
- 3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'États membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts p. 57-59

6706 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;
- de la loi modifiée du 22 décembre 1951 portant prorogation du délai de prescription de certains impôts directs et précision des conditions dans lesquelles les prescriptions fiscales peuvent être interrompues p. 59-60

ufänken, sech Elementer ze ginn, iwwert déi ee wëllt nodenken. An ech mengen, dat ass eng responsabel Attitüd. An dofir kënn Der jo verstoen, dass ech net op eenzel Punkten hei kann a wëll äntweren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Also, aus den Ausféierunge vun dem Här Finanzminister stelle mer dann haut den Owend fest, dass d'Regie-

rung eng Neesaféierung vun der Vermögenssteuer op Privatpersounen net formell ausschléisst!

► **Une voix.**- Macht, datt Der schlofe kënnit dës Nuecht!

(Brouhaha général)

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Da wësse mer, wou mer dru sinn!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, et ass alles gesot. Ech soen lech e ganz häerzleche Merci fir déi disziplinéiert a gutt Diskussiounen a wënschen lech e schéinen Owend. Kommt gutt heem a bis muer de Mëttën ëm zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 20.31 heures)